

ass jo och de Sënn, firwat mir elo mat all eenzel Gemeng versichen, esou eng Konventioun ze maachen. Do diskutéieren eis Leit mat de Gemengeverrieder, a se hëllefen a se soen och, wat fir eng Méiglechkeeten da bestinn. An ech denken, datt, wann déi Pakten ofgeschloss sinn, all d'Gemen-gen, déi matmaachen, genee wëssen, wat fir eng Méiglechkeeten, datt se hunn, fir do-fir ze suergen, datt méi a méi schnell ka ge-baut ginn.

Et ass vun der Garantie locative geschwat ginn. Déi besteet zënter dem Abrëll 2004. D'Konditiounen dofir sinn, datt ee muss manner wéi 2,5-mol den RMG als Akommes hunn, an de Loyer däerf och net méi héich si wéi een Drëttel vum Akommes an net méi wéi 1.250 Euro. An ech ka soen, datt eng ganz Rei vu Leit dovunner profitéieren an och esou eng Garantie bancaire kréien. Dir wësst, ëm wat et do geet. Heiansdo muss een dräi Loyere plus ee Mount Kommis-sioun fir d'Agence plus nach een éischte Mount Loyer, dat heescht fënnef Méint Loyer beieneen iergendwéi opbréngen. Dat hu vill Leit a Stéit net fäerdeg bruecht. Hei kréie se eng Garantie, fir datt se net déi vill Sue brauche beieneen opzebréngen. Och dat hëlleft Leit, déi keen ze vill grousst Akommes hunn, fir méi schnell a besser kënnen eng Wunneng um fräie Maart ze kréien.

Da vläicht zum Schluss - ech gesinn d'rout Luucht geet un - nach eng Äntwert awer och fir den Här Bettel. Den Här Bettel huet gesot, 28 Joer CSV-Wunnengsbaupolitik an elo endlech e Projet - et wär näischt ge-schitt.

Ech hunn elo eng ganz Rei vu Gesetzer...

*(Interruption)*

» **M. le Président.**- Här Bettel, lausch-tert elo emol no.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- ...eng ganz Rei vu Gesetzer a vu Moossnamen opgezielt, déi ergraff gi sinn, fir de Wunnengsbau unzékuerbelen.

Total Faillite! Här Bettel, ech mengen,...

» **Une voix.**- Den Här Juncker seet dat.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- ...d'Problematic vun der Aarmut eegent sech net dozou, Polemik ze maachen. Erlaabt mer vläicht lech awer och de Ball zrëckzespillen.

Wësst Dir, wat de gréisste Problem hei am Land ass? Wou dee gréisste Problem am Wunnengsbau hei am Land läit? Dat ass an der Stad Lëtzebuerg!

*(Interruptions diverses)*

An d'Stad Lëtzebuerg huet an deene leschten 30 Joer, an deene leschten 28 Joer hutt Dir jo gesot, 28 Joer, no dem Statec, net méi Awunner, mä 3.000 manner!

» **Mme Colette Flesch (DP).**- D'Chif-fere si falsch.

*(Hilarité et interruptions)*

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- Jo, mä de Statec huet seng Be-rechnunge wahrscheinlech no där nämlech-ter Method an där ganzer Zäit gemaach.

Wat ass geschitt, och no de Berechnunge vun deemselwechte Statec? Am ganze Land ass d'Bevölkerungszuel ëm 1,3% pro Joer - pro Joer! - gewuess. Wann also an deenen 28 Joer - an normalerweis wisst eng Haaptstad duebel esou schnell wéi de Rescht - nëmmen 2% Wuesstum gewiescht wär, da wärend also 28 mol 2%, dat sinn da 56%, dat si méi wéi 40.000 Awunner, déi an der Stad hätte misse bäikommen!

*(Interruptions)*

An déi wärend och bäikomm, wa wat geschitt wär? Wa méi Bautätegkeet hei an der Stad Lëtzebuerg gewiescht wär!

*(Interruption)*

» **M. Gast Gibéryen (ADR).**- D'CSV war ze laang am Schäfferot!

**M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- Et hätte 15.000 Wunnenge méi gebaut misse ginn, a wann déi 15.000 Wunnenge gebaut gi wärend, hätte mer kee Problem mam Wun-nengsbau.

Ech wollt dat nach eng Kéier dann e bësse pomesch hei soen. Mä ech sinn awer frou, ech soen lech dat ganz offen, dass de Buergermeeschter bei de Wunnengsbaumi-nister komm ass a gesot huet, si hätten er-kannt, datt Problemer do wieren, datt hei en Nohuelbedarf wär, dass eppes misst ge-maach ginn, an dass se elo bereet sinn, e Wunnengsbaupakt mam Ministère ze maa-chen, well, wann d'Haaptstad matspillt, da

ka villes geschéien, ganz villes geschéien, well ganz vill Terrainé kënnen bebaut ginn.

Et ass net nëmmen hir Schold, domadder sinn ech och d'accord, mä...

» **M. le Président.**- Här Minister, elo misste mer nach éischstens eng Tëschefro vum Här Bettel drunhuelen an da misste mer ofschléissen, well d'Zäit ass ofgelaf. Här Bettel, kuerz, an eng Fro!

» **M. Xavier Bettel (DP).**- Jo, Här Pre-sident, fir d'éischt, ech wollt just dem Minis-ter soen, dass déi lescht 28 Joer, ausser elo säit deene leschte Wahlen hier, eise viregte Koalitionspartner him méi no stoung wéi mir.

A meng Fro ass, Här President, ob Dir den Här Minister kéint froen, wéi vill Meter carrés Administration publique, déi dem Stat ge-héieren, an der Stad Lëtzebuerg sinn, a wéi vill Awunner an deene Büroflächen an der Stad Lëtzebuerg, déi haut vum Stat benotzt ginn, kéinten anzéien, an ob mer do net méi wéi 2, 3 oder 10% méi Zouwuess kritt hunn.

*(Interruptions et brouhaha général)*

» **M. le Président.**- Kommt, Här Henckes, Dir hutt d'Wuert elo net. Den Här Minister äntwert op dem Här Bettel seng Fro.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- Ech wollt dem Här Bettel soen, datt hie gesot huet 28 Joer CSV-Wunnengsbaupolitik. Do hate mer och Koalitionspartner. D'DP war méi wéi eemol derbäi...

» **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

*(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)*

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- ...an zënter 28 Joer stellt d'DP de Buergermeeschter hei an der Stad. Ech hu just eng Parallell gemaach tëschent deenen zwou Saachen.

*(Interruptions diverses)*

Jo, ech fuere virun.

» **M. le Président.**- Jo, mä, Här Minis-ter, Dir musst lech awer elo kuerz faassen!

» **M. Ben Fayot (LSAP).**- Den Här Bo-den huet absolut Recht!

» **M. le Président.**- Jo, jo, dann...

*(Brouhaha général)*

» **M. Ben Fayot (LSAP).**- Den Här Bo-den leet de Fanger op d'Wonn.

» **M. le Président.**- Sou, Här Minister!

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- Ech wëll soen, datt am Mietgesetz steet, datt een nëmme ka Wunnengsbau détournéieren a Büroflächen oder eppes aneschters, wann een eng Autorisatioun vum Schäfferot huet. Dat gëllt wuel net, do sinn ech domat d'accord, fir Flächen, déi de Stat notzt.

» **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- Jo, mä mir hunn awer Banken hei, mir hu ganz vill Betriber hei, a wann ech déi Wunnenge géif opzielen alleguer, déi ëmge-wandelt ginn, net vum Stat, mä vun aneren, dat wärend der och ganz vill an do wär eng Handhab gewiescht. D'Gemeng hält déi Leit missen op d'Gericht huelen. Dat huet awer d'Stad Lëtzebuerg net gemaach.

» **Une voix.**- Voilà!

*(Interruptions)*

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- An am Mietgesetz, an deem neien, wat jo net jiddfereen gären huet, do ass vir-gesinn, datt elo och ganz staark Sanktiou-nen domat verbonne sinn, datt de Riichter méi Méiglechkeeten huet, fir ze sanktionéie-ren. An ech hoffen, wéi gesot, datt elo d'Stad Lëtzebuerg an esou Fäll dann och dergéint virgeet an datt deen Détournement vu Wunnengsbau...

» **Une voix.**- Très bien!

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- ...fir Bürosrainm ophéiert. Well wann do erëm géif eng Zréckwandlung kommen, dann hätte mer vill Wunnengen ouni neier brauchen ze bauen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.**- Sou, ech gesinn iw-werall zefridde Gesiichter op d'Äntwert vum Minister.

*(Brouhaha général et hilarité)*

Här Adam, ganz kuerz. Kee Kommentar, mä eng Fro.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG), in-terpellateur.**- Här President, wierklech eng Fro, eng ganz prezis Fro. Här Minister, Dir hutt gesot, mir hätte selwer gesot, eis Reso-lutioun géif keng Wonner wierken. Mä mir sinn awer der Meenung, datt se fondéiert ass an datt se richtig ass. An ech wollt am Fong geholl just froen: Wéi stitt Der zu eiser Resolutioun?

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Lo-gement.**- Mä et ass eng Resolutioun un d'Chamber.

» **M. le Président.**- Jo.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Lo-gement.**- Et ass keng Resolutioun un d'Re-gierung.

» **M. le Président.**- Voilà. Sout, Dir Dammen an Dir Hären, elo ass d'Debatt of-geschloss...

» **M. Charles Goerens (DP).**- Déi nächst 28 Joer geet et besser, Här Presi-dent.

*(Hilarité)*

» **M. le Président.**- ...an da komme mer zum Vote. Fir d'éischt de Vote vun der Motioun, déi den Här Adam déposéiert huet.

**Motion 1**

Ass de Vote électronique verlaangt?

**(Assentiment)**

Jo. Da stëmme mer elektronesch of. Voilà, de Vote fänkt un.

**Vote**

D'Motioun 1 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëm-men, bei 1 Abstentioun.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Marie-Josée Frank), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Lucien Thiel), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Pa-trick Santer (par M. Lucien Clement), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Michel Wolter), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro (par M. Romain Schneider), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Ly-die Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par M. Fernand Diederich), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helmingier (par M. Xa-vier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

*S'est abstenu: M. Paul-Henri Meyers.*

**Résolution 1**

D'Resolutioun, déi den honorabelen Här Adam deponéiert huet, fir d'Commission des Institutions vum Här Meyers ze char-géieren, fir d'Fro vun der Inscriptioun vun engem Droit au logement an d'Verfassung ze studéieren. Ech denken, dass do de Vote électronique verlaangt ass.

**(Interruptions)**

Kënnen mer par main levée ofstëmmen?

**(Assentiment)**

**Vote**

Voilà. Ech gesinn, et ass eng écrasant Ma-joritéit fir déi Resolutioun an den Här Meyers ass chargéiert fir déi Resolutioun a senger Kommissioun ze analyséieren.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass de Projet de loi...

Oder ech denken, mir kéinten och vläicht di-rekt d'Resolutioun vum Här Oberweis hue-len, well déi am Programm esou elo virgesi war. Pardon, d'Motioun, déi den Här Ober-weis gëschter déposéiert huet.

Ass do nach eppes derbäizefügen, Här Oberweis?

**(Interruptions)**



## 2. Motion de M. Marcel Ober-weis relative à la condamna-tion à mort par la justice li-byenne de cinq infirmières bulgares et d'un médecin pa-lestinien

» **M. Marcel Oberweis (CSV), auteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären.

*(Coups de cloche de la Présidence)*

» **M. le Président.**- Da lauschtert no!

» **M. Marcel Oberweis (CSV), auteur.**- Also, wa mer bal véier Stonne iwwert déi Aarm am Land schwätzen, da sollte mer, mengen ech, vläicht e puer Sekonne ver-weile bei Mënschen, déi dach genausou am Dreck sëtzen, wéi et hei ugeklongen ass.

» **M. le Président.**- Ganz gutt!

» **M. Marcel Oberweis (CSV), auteur.**- Ech hu virun zwee Deeg gesot: An der Mo-tioun geet et eis drëm, dass mir eis net mat dem Lous vu sechs Mënschen, fënnef bul-garesch Infirmiëren an ee palästinense-schen Dokter averstanen erkläre kënnen. Si sinn den 9. Februar 1999 an de Prisong gehäit ginn ouni e faire Prozess, well hinnen nogesot gi war, si wärend am Doud vu villen 100 Kanner duerch Aidsinfektioun schëlleg. De Professor Luc Montagnier, de Koentde-cker vun dem Virus, huet kloer nogewise, dass dat scho längst virdrun de Fall war. Et ass also hei a Libyen e Bouc émissaire ge-sicht ginn.

Mëttlerweil sinn och scho Publikatioune ge-maach ginn, wou kloer dran nogewise gëtt, dass et iwwerhaupt keen Zesummenhang gëtt. Et ass nach schlëmmer komm. Den 19. Dezember d'lescht Joer sinn déi Leit, ouni e faire Prozess, zum Doud veruerteelt ginn.

A mir mengen, all Fraktioun huet matgehol-lef, dass mer eis Regierung invitéiere sollen, Drock ze maachen, a sech och mat hire eu-ropäesche Partner konzertéieren sollen, dass mer dem Stat Libyen soen, dass dat net richtig ass, dass déi Mënschen erëm fräikommen an nees an hir Heemecht kënnen goen.

Derniewent froe mer awer och, dass deene Familljen, déi duerch dee ganze Misär an Nout komm sinn, Kanner an Elteren, och fi-nanziell gehollef sollt ginn.

Ech soe Merci fir d'ënnerstëtzung.

» **Une voix.**- Très bien.

» **M. le Président.**- Voilà. Merci, Här Oberweis. Mir kommen zum Vote vun der Motioun.

**Vote**

Wien domat d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, dat ass d'Unanimitéit hei am Haus. Domat ass déi Motioun ugeholl.

Mir kommen dann zum Projet de loi 5614 iw-wert d'Renovéierung vun der Fondation Pescatore. D'Wuert huet elo d'Madame Rapporteuse Marie-Josée Frank.



## 3. 5614 - Projet de loi autori-sant la participation de l'État à la reconstruction de l'Aile Centrale, à la rénovation, la transformation et la moderni-sation de l'Aile Cité du Centre intégré pour personnes âgées de la Fondation J.-P. Pesca-tore

*Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeu-nesse*

» **Mme Marie-Josée Frank (CSV), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Dam-men an Dir Hären, dee virleiende Gesetzes-projet erlaabt et dem Stat sech finanziell un de Rekonstruktions- an Transformatiouns-aarbechte vun der Fondation Pescatore, déi säit 1892 an der Stad Lëtzebuerg schonn hir Aktivitéiten opgeholl huet, ze bedeele-gen. Via Konventioun vum 17. Mäerz 2003



respektiv via Avenant vum 23. August 2005, déi tëschent dem Stat an der Fondation Pescatore ënnerschrifwe gi sinn, ass décidéiert ginn, op där enger Säit den alen zentrale Fligel ofzerappen an en neien amplatz ze bauen, an op där anerer Säit verschidden Deeler vun de bestehende Gebaier ze renovéieren, ze transforméieren an ze moderniséieren.

Et handelt sech hei ëm 38 nei Unitéiten an dräi Mini-Appartementer fir zwou Persounen. De Stat iwwerhëlt allerdéngs nëmmen d'Finanzéierung vun 32 neien Unitéiten zu 125.000 Euro pro Unitéit.

An dësem Kontext kann een ervirhiewen, datt duerch d'Rekonstruktiouns- an d'Transformatiounsarbechten d'Zuel vun de Better vun 301 op 375 wäert klammen. Dës Erhéijung vun der Unzuel vun de Better wäert et der Fondation erlaben, Demanden, déi en suspens sinn, besser Rechnung ze droen. Et läit eng Liste d'attente vun ongeféier 1.000 Demandë vir, dovunner 100 Demanden, déi méi oder manner urgent anzeschätze sinn.

An deem virleiende Gesetzesprojekt, deem d'Finanzéierung vun der Erweiterung vum zentrale Fligel virgesäit, dréit een der Noutwendegkeet, d'Betreiung vun deenen eelere Leit ze restrukturéieren, Rechnung. D'Zuel vun deene Leit iwwer 65 Joer klëmmt kontinuëierlech. Si huet sech an engem Jorhonnert vervéierfacht an d'Tendenz weist ganz kloer, dass dës Zuel an deenen nächste Joren a Jorzéngte wäert zouhuelen. Dës demographesch Evolutioun stellt eis virun eng grouss Erausforderung, an dëst net nëmmen um Niveau vun der Sozial- a Gesondheetspolitik, mä och um Niveau vun der Wunnengs- a Betreuingspolitik.

Haut de Mëtteg ass des Öfteren hei am héijen Haus iwwert déi Problematik geschwat ginn. Eis Senioren, als wäertvoll Bierger, hunn och e Recht op eng adequat Wunnengs- a Betreuingskonditioun. Eisen eelere Leit eng diversifizéiert Offer u Betreuingsméiglechkeeten ze garantéieren, ass eis Responsabilitéit.

De virleiende Gesetzesprojekt gesäit och d'Renovatioun an d'Modernisatioun vun der ganzer Kicheninfrastruktur vir, déi net méi deenen aktuellen Normen entsprach huet. Déi nei Infrastruktur ass esou geplant, datt zum Beispill d'Zouliwwerungen iwwert den internen Haff kënnen erfollegen. Déi nei modern Kichen ass d'Kärstéck vun den Ausbuaarbechten. Déi verschidde Salles à manger sinn direkt vun der Kichen aus iwwert de Gaart an d'Terrass, déi um Daach selwer vun der Kichen aménagéiert gëtt, erreechbar. Iwwregens wat d'Salles à manger ugeet, ginn déi bestehend lesszëmmere réaménagéiert an eng nei Salle à manger gëtt gebaut, wat sécher besser zum Confort bäidréit.

Et ass och virgesinn de psycho-geriatreschen Dagesfoyer ze verleeën an och ze erweideren. Dëse Foyer existéiert scho säit 2001. Dëst weist, datt d'Fondation Pescatore, wéi vill aner Strukturen, sech progressiv un d'Besoinë vun hire Pensionären ugepasst huet a spezifesche Servicer ubitt. Déi Responsabel vun der Fondation Pescatore hunn d'Entscheidung getraff, e psycho-geriatreschen Dagesfoyer an der Struktur vun der Fondation ze integréieren, wëssend, datt ëmmer méi Pensionären un Demenz leiden an dowéinst en extrem pluridisziplinären Encadrement brauchen.

Et ass wichteg, den individuellen Uspréich vun alle Pensionäre Rechnung ze droen, wéi och d'Prise en charge vun deene Leit en fin de vie ze maachen. An do sinn ech frou, datt d'Directrice mer matgedeelt huet, datt permanent Leit a Formation vun Omega 90 sinn, fir eben d'Betreiung vun de stierwende Leit en charge ze huelen.

An dann, Här President, ass selbstverständlech Wäert op den urbanisteschen Aspekt vum Projet geluecht ginn, dee sech perfekt an déi bestehend Infrastruktur vun der aktueller Fondation afügt. De Konstruktionsprojekt respektéiert souwuel d'Gebaier, déi nieft der Fondation Pescatore stinn um Niveau vum Accueil, wéi och de Komplex selwer vun der Fondation.

De Projet entsteet op engem Terrain, deem am Kader vum neie PAG vun der Stater Gemeng fir esou eng Konstruktioun geplant ass, wéi déi, déi um Niveau vum virleiende

Projet virgesinn ass. An et huet och missen e PAP ausgeschafft ginn.

Déi funktionell Organisatioun spillt eng wichteg Roll am Kader vum virleiende Projet. Eng 20 nei Parkplaze sinn och virgesinn, déi haaptsächlech fir d'Fleegepersonal, mä och fir d'Pensionäre selwer reservéiert sinn.

Et ass och vill Wäert op den ekologeschen Aspekt geluecht ginn. Dat gesäit een zum Beispill um Niveau vun der Orientéierung vum Gebai.

Här President, de Projet de loi huet virgesinn, datt déi staatlech Participatioun bei 9.596.080,66 Euro läit. Dëse Bäitrag ass op Basis vum leschtbekannte publizéierte Bauindex gesat, an zwar op de leschten Abrëll 2006. Zënterdeem ass awer deen neie Bauindex a Kraaft. Hien ass vum 1. Oktober, awer eréischt virun e puer Deeg vum Statec publizéiert ginn. No dësem Index klëmmt déi staatlech Participatioun op 9.714.478,84 Euro. Ech mengen, och wann déi virleiend Participatioun nach ëmmer op deem alen Index baséiert, misst dat kee Problem sinn, vu datt jo d'Adaptatioun éischters virgesinn ass an zweetens automatesch erfollegt.

De Statsrot huet sech a senger Sitzung vum 28. November 2006 iwwregens mam Prinzip vun enger Aktualisatioun vum Betrag vun der staatlecher Participatioun averstanen erkläert. Hien huet awer am selwechten Otemzuch bemierkt, datt den Avenant den éischten Alinea vum véierte Punkt vun der Konventioun vun 2003, deem déi staatlech finanziell Bedeelegung festhält, net zrëckgehoit huet. Et ass awer kloer, datt d'Fondation Pescatore net op eng Adaptatioun wollt renoncéieren. Fir allen Interpretatiounsschwieregkeeten aus de Féiss ze goen, ass en zweeten Avenant de 16. Januar 2007 ënnerschrifwe ginn.

Vu datt d'Kommissioun sech bewosst ass, datt et onméiglech ass, wichteg Projekte bis op de leschten Detail am Virus virzege-sinn, esou datt Ëmännerungen net auszuschléisse sinn, suggéiert d'Kommissioun der Familljeministesch, iwwert d'Opportunitéit nozedenken, de Suivi vun den Dossier-en op d'Prozedur, déi fir d'Projete vum Bauteministère Usus ass, unzepassen. D'Kommissioun sollt als Éischt den Avant-projet ënnerbreet kréien, fir ze kucken, ob se mam Prinzip selwer d'accord ass, éier ee mam detailléierte Projet weiderfiert.

Jo, dëse Projet, wéi ech éineschters gesot hunn, huet schon 2003 ugefaangen. En ass awer scho bal um Schluss vu senger Bauphas ukomm an no mengen Informatiounen soll e bis Enn vum Joer funktionsfäeg sinn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun a wëll lech nach soen, datt ech de 5.12.2006 als Rapportrice genannt gi sinn, an invitéieren lech alleguerten, dëse Projet unzuhuelen, a ginn och domadder den Accord vu menger CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Frank. Den Här Bettel huet d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, ech soen der Rapportrice Merci. Ech mengen, si huet dat meescht gesot. Dat Eenzezt, wat ee ka feststellen, do ass déi éischt Konventioun de 17. Mäerz 2003, den Avenant 2005 am August an dann am Januar 2007. Wann ech richteg gesinn hunn, ass de Chantier bal fäerdeg, a mir stëmmen elo den Text. Mieux vaut tard que jamais, mä d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei stëmmt den Text selbstverständlech.

» **M. le Président.** - Merci, Här Bettel. Den honorabelen Här Fayot.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, d'Fondation Pescatore ass um Enn vum 19. Jorhonnert entstanden. Et war déi éischt modern, op d'Besoinë vun den eelere Leit ausgerichte Institution, déi mer am Lëtzebuerger Land haten. Mir hate virun nëmmen Institutione wéi d'Pafendaller Spidol oder d'Rumm, déi fir Leit waren, déi wierklech am Besoin waren an déi soss keng Bleif haten.

D'Fondation Pescatore an der Uewerstad war fir deemools eng biergerlech Schicht vu Leit, déi wollten opgehoit ginn op eng méi modern a confortabel Manéier, déi wollten zugläich och an hirem gewinnte Milieu bliwen, bei eben där Stad wou se sech hiert ganz Liewen opgehalen hunn a wou se zirkuléiert sinn.

Ech wollt dat trotzdem am Zesummenhang mat dësem Projet soen, well et eben an der Geschicht vun der Altersversuergung zu Lëtzebuerg esou eng grouss Roll gespillt huet.

Dës Institution, d'Fondatioun, wéi se an der Stad jo einfach esou genannt gëtt, huet sech mat de Joren och erneiert an erneiert sech heimat och erëm. D'Madame Frank huet an hirem exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport duergeluecht, wéi dat geschitt. A mir si selbstverständlech als Fraktioun och mat dësem Projet d'accord.

Ech wollt awer, Madame Minister, well ech jo elo net an där Kommissioun sinn, mä et mech awer interesséiert, och ebe well d'Fondatioun esou eng déif Stater Institution ass, eigentlech zwou Froe stellen.

Déi éischt Fro, wann ech kucken, wat säit der Fondatioun an der Stad, besonnesch säit de 70er, 80er Joren als Institutione fir eeler Leit entstanden ass, da gesäit een do eng ganz grouss Diversitéit. Et gesäit een eng grouss Diversitéit vun Träger. Et gesäit een och vill nei Institutionen, héich modern Institutionen. Dat aalt Pafendaller Spidol ass zu engem vun deene modernsten Altersheimer a Fleegeheimer am Land ginn. An do hunn ech mech gefrot, wéi ech mer dat iwwerleucht hunn, wéi dat vir sech geet.

Mir hu wierklech eng grouss Ballung vun Institutionen an der Stad, déi héchstwahrscheinlech iwwert d'Besoinë vun de Leit aus der Stad erausgeet. An ech hu mech gefrot, mir schwätze jo iwwerall vun Aménagement du Territoire, mir schwätze vu Plans sectoriels, mir schwätze vun IVL, well mer jo gären hätten, dass d'Leit och do versuergt ginn, wou se no bei sech doheem sinn oder no bei hirer Famillje sinn: Gëtt et esou Iwwerleeungen, fir e Plan sectoriel vun der Altersversuergung ze maachen?

Mat deene Kritären, déi ech gesot hunn, also Leit no bei sech doheem versuergen, no bei hirer Famillje versuergen, an am Zesummenhang vun deem, wat jo och dem Fraktiounspresident vun der CSV esou staark um Härz läit, nämlech den Aménagement du Territoire an den IVL, fir eben och op deem Plang eppes ze maachen.

Dann déi zweet Fro: Ech hunn an den Orientations budgétaires vun 2007 gelies, dass mer elo 51 Zentren hu mat insgesamt 4.700 Better, dass mer 14 Projeten en cours hu mat weideren 800 Better. Ech huelen un, dass dat hei och elo dozou gehéiert. An an deenen Orientations budgétaires steet, et géif op en Développement modéré higeschafft ginn.

De Statsminister hat a senger Deklaratioun iwwert den État de la nation vun 150 Millioune fir dräi Joer geschwat. Dat war an där Deklaratioun vun 2006. Dat heescht, et wären also 150 Milliounen fir déi nächst dräi Joer fir Altersheimer. Mir hunn also eng Couverture vun de Besoinë vu 7,5%. Par rapport zum Ausland, wou et meeschtens 4% ass, ass dat bal dat Duebelt.

Meng Fro duerfir: Wéi wäit gi mer? Selbstverständlech steet hei bei der Fondation, dass do eng Lëscht vun 1.000 Leit ass, déi waarde fir an d'Fondatioun ze kommen. Mir wëssen nun awer, dass et Leit gëtt, déi sech op e puer Lëschten opsetzen, dass een also déi 1.000 vläicht net 100%eg als boer Ménz soll huelen.

Ech wär interesséiert, Madame Minister, fir gewuer ze ginn, ob d'Regierung, déi jo wierklech och den haapt finanzielle Poids dréit, en Iwwerbléck huet iwwert déi reell Besoinen, iwwert déi Lëschten eraus, déi jo no den eenzelnen Träger iwwerall bestinn.

Dat si meng zwou Froen, déi ech wollt stellen. Ech entschëllege mech bei de Kollegen, déi scho laang Gedold haten de Mëtteg, fir déi puer Froen derbäizesetzen. Mä ech mengen, et ass awer trotzdem e wichtige Projet, dee mer selbstverständlech mat stëmmen. Duerfir wollt ech déi zwou Froen hei drunhänken, well ech eben net an där Kommissioun sinn, mä et mech awer interesséiert.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Här Braz, Madame Doerner, den Här Fayot huet Explikatiounen ginn zu Froen, déi Dir lech ganz sécher och scho gestallt hutt.

(Hilarité)

Sou. Dann ass et nach um Här Adam.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, d'honorabel Madame Frank huet an hirem mëndlechen a schrëftleche Rapport all erdenklech Erklärungen ginn, a mir soen hir Merci derfir. Duerfir gi mer och net méi do-robber an.

Am Moment sinn 301 Pensionären an der Fondation Pescatore, a wann den Émbau fäerdeg ass, da sinn et der 375. Dat ass schonn zimlech interessant, well mer et hei mat engem Haus ze dinn hunn, dat méi wéi duebel esou grouss ass wéi déi aner Altersheimer, déi mer zu Lëtzebuerg hunn.

Mir sinn als Gréng ëmmer e bësse skeptesch, wa mer et mat esou grouse Strukturen ze dinn hunn. A mir si wierklech drun interesséiert, wéi d'Erfahrungen sinn, wat d'Gestioun, d'Onkäschten an och d'Liewensqualitéit vun engem Haus vun dëser Gréisst par rapport zu engem Haus mat eben 130 oder 140 Better - wéi mer se normalerweis hunn - betrëfft. Am Rapport steet dozou just, datt doduerch, datt d'Zuel vun de Better eropgesat gëtt, d'Waardelëscht e bësse méi kleng gëtt. Mat deem Argument kéinte mer déi allermeeschten Haiser ausbauen, well där Waardelëschte gëtt et iwwerall.

An et ass interessant; ech kommen dann eigentlech op déiselwecht Froen, déi den Här Fayot gestallt huet. Ech erënnere drun: Am Rapport steet zum Beispill och nach, datt mer eng Waardelëscht vun 1.000 Persounen hätten, an 100 Demanden dierfen als dréngend betruecht ginn.

Wann een esou Waardelëschten uféiert an dann am selwechte Rapport mengt, datt mer mat dësem Projet an all deenen anere Projeten, déi vum Familljeministère um Wee sinn oder ënnerstëtzt ginn, zum Zil kéimen, an do zitieren ech: «d'offrir aux personnes âgées une réelle liberté de choix en matière de logement et de service de soutien», da kënne mer dat awer net esou richteg novollzéien. Mir mengen, dat ass awer e bësse Wonschenken. Oder et kann een och vläicht vun Zynismus schwätzen. Et entsprécht op alle Fall nach laang net der Realität.

Duerfir - an da kommen ech op dat, wat den Här Fayot och gefrot huet - erënnere ech eng Kéier un déi Motioun, déi ech hei den 19. Januar 2005 am Numm vun der grénger Fraktioun déposéiert hat an déi och vun der Chamber ugehoit ginn ass. Just zur Erënnung: Den 19. Januar 2005 hate mer hei dräi Projets de loi votéiert: d'Transformatioun an d'Extensioun vum Fleegeheim Saint-Joseph zu Péiteng, de Bau vun engem CIPA zu Mamer a vun engem zu Jonglënster. An där Motioun huet d'Chamber d'Investissementer vun der Regierung an d'Structures d'accueil fir eeler Leit begréisst.

Mir hunn d'Noutwendegkeet vu weideren héichwäertegen an ekonomesch effikassen Infrastrukturen ënnerstrach. Mir hunn d'Wichtegkeet vun der Zesummenaarbecht bei der Planung vun esou Strukturen tëschent deene verschiddenen Acteuren - Familljeministère, Sécurité sociale, Krankekeesen, Cellule d'évaluation et d'orientation vun der Assurance dépendance, Travaux publics - betount. Mir hunn op d'Noutwendegkeet vun zouverlässege Statistiken higewisen. Mir hunn d'Transparenz an d'Effikassitéit beim Féiere vun de Listes d'attente als wichtig emfonnt.

Aus all deenen Iwwerleeungen eraus hat d'Chamber d'Regierung invitéiert, éischters d'Zesummenaarbecht vun allen Acteuren, wat d'Plange vun Institutione fir eeler Leit ugeet, ze verstärken, an awer och d'Zesummenaarbecht vun allen Acteuren, wat d'Gestioun vun de Capacitéite vun dësen Haiser ugeet, ze verstärken. Dat war den 19. Januar 2005, a mir wësst gär, Madame Minister, wat d'Regierung aus dëser Invitatioun vun der Chamber gemaach huet. Mir waarde mat Interessi op Är Äntwert.

Ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dem Projet de loi 5614.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Adam. Wa soss kee méi d'Wuert free? Den Här Gibéryen.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, ech wollt just vun eiser Säit och der Madame Rapportrice Merci soen. Ech mengen, et ass alles zu dësem Projet gesot. Et ass e wichtige Projet an e fënnt och selbstverständlech d'Zoustëmmung vun eisem Grupp.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. D'Madame Familljeminister, d'Madame Marie-Josée Jacobs, huet d'Wuert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, dat hei ass ee vun deene Projeten, dee sech areit an eng ganz laang Lëscht vun neien Institutionen, déi mer iwwert d'Land hëllefe bezuelen, well et normalerweis de Stat net ass. Do ass awer een Deel vun där Motioun vum Här Adam. Et ass nëmmen de Stat, deen nach zum Deel mathëlleft participéiere bei deene Gebaier, déi fréier am Établissement public waren, dat heescht, dem Stat seng eege waren an elo Établissement public sinn. Wat Servior ass, déi sinn also an där Majoritéit vun deene Gebaier do net dran involvéiert.

Här President, ech hunn elo keng Landkaart matbruecht. Mir hunn awer esou eng Land-

kaart. Ech géif mer erlaben, dem Här Fayot déi zoukommen ze loosse. Ech géif lech awer hei elo déi nei Better, déi nach amgaang si geplangt ze ginn, déposéieren. Do gesitt Der, dat geet vu Bäerbuerg iwwer Clierf bis Dikrech, Diddeleng, Heesdref, Jonglënster, d'Rumm, d'Fondation Pescatore, Rëmeleng, Déifferdeng, Soleuvre, Conter, Lëtzebuerg, Ettelbréck, Ierpeldeng, Péiteng, Hamm.

Dir gesitt also, dat geet iwwert d'ganzt Land. Dat hei sinn elo also nëmmen déi, déi nei derbäikommen, mä wéi gesot, ech ginn lech awer gären d'Landkaart, fir datt Der gesitt, datt mer dat awer wierklech an deene leschte Jore probéiert hunn. An dat war jo dann de Wonsch aus der Motioun, déi vun deene Gréngen erauskomm ass, fir ze kucken, datt dat iwwert d'Land verdeelt wier an datt d'Leit wa méiglech kéinten do an déi Institutioun goen, wou se dann doheem sinn.

Ech sinn den Owend eigentlech frou hei ze héieren, datt Der lech Gedanke maacht, ob mer net ze vill géife bauen. Ech sinn an deene leschte Joren ëmmer hei gedriwwe gi fir ze soen: Et muss nach an et muss nach an et muss nach; an et geet ni duer; an déi aarm Leit, déi am Ausland sinn, an hei an do. De Mëtteg héieren ech emol fir d'éischte Kéier, datt hei och e bësselchen en aneren Toun mat doranner kënnt.

Mir hu selbstverständlech vill méi Capacitéiten. Den Här Fayot huet gesot, mir hu bal 7%, vis-à-vis vu 4% am Ausland. Et gëtt Spezialisten, déi soen, datt wat ee méi baut, wat méi de Besoin do ass. Eppes ass awer ganz sécher: Dat kënnt hei zu Lëtzebuerg do derduerch, datt mer eng Fleegeversécherung hunn, do derduerch, datt mer en Accueil gérontologique hunn, an och gutt Pensiounen hunn - loosse mer dat och nach derbäi soen - , datt mer vill méi Leit hunn, déi sech et kënne leeschten, an en Altersan an e Fleegeheim ze goen, wéi dat am Ausland de Fall ass.

Ech kenne Leit iwwert der däitscher Grenz, Däitscher - de Mëtteg ass gesot ginn, et mussen esou vill Leit an d'Ausland goen; dat ass och net fir alles gutt -, déi an där zweeter Generatioun ewell verschëllt sinn, well se mussen fir hir Elteren an den Altersheimer bezuelen. Dat alles gëtt et zu Lëtzebuerg net. Dat incitéiert natierlech méi séier, fir datt een iergendwou an esou en Heem geet. Ech traue mech net méi, fir do Heem ze soen, well dat och heiansdo schlecht vun de Leit opgehall gëtt. Mä dat bréngt sécher eng ganz aner Demande, wéi dat an anere Länner de Fall ass.

Derbäi kënnt awer, datt ech net fäerten, datt mer der ze vill géife schafen, well ech gesinn, datt mer ëmmer méi al ginn. Mir hunn awer eng al Bevölkerung an eisem Land a si gëtt ëmmer méi al. Duerfir mengen ech och, datt déi Servicer, déi amgaang sinn ausgebaut ze ginn, och nach an deenen nächste Joren net riskéieren eidel ze stoen.

Ech wëll och soen, datt mer an dësem Moment och e Problem hu fir Leit ënnerdaach ze kréien, well eng ganz Partie vun deenen Haiser am Émbau sinn. Ech denken un d'Rumm, déi elo bal ganz zou ass. Aner Émbauten dorëmmer sinn amgaang gemaach ze ginn, wou Der also gesitt, datt et de Moment net liicht ass, fir Leit ënnerdaach ze kréien. Vun do aus mengen ech, datt de Plan sectoriel sech aus der Realitéit erginn huet, mä wéi gesot, ech loosse lech dat awer gären nach eng Kéier zoukommen, datt Der lech dat och kënnt ukucken.

Dat, wat ech mech éischter froen, dat ass eppes Neies, wat amgaang ass ze entstoen op verschiddene Plazen. Ech denken zum Beispill u Bascharage, wou och esou en „betreutes Wohnen“ kënnt, och u Schëffleng, wou mer leider d'Geleeënheet net hatten, fir op de Strauss ze kommen, Här Buergermeeschter, mä Dir hat keen aneren Dag fonnt, soss wiere mer gär komm, den Här Boden an ech. Do maache mer also esou en „betreutes Wohnen“, wou d'Leit, déi kommen, awer wierklech nach méi autonom

sinn. Dat heescht, si hunn nach en Appartement a si brauchen eréischt an déi aner Institutioun ze goen, wa se dat dann och wierklech mussen hunn a wann et net méi aneschtens geet.

Elo mussen mer gesi wéi dat sech auswierkt, well dat gëtt jo dann ëmmer gemaach mat esou Enquêtes, déi an de Gemengen duerghefouert ginn. Da seet all Mënsch voller Begeescherung: selbstverständlech! A wann et da bis driwwer hiergeet, dann ass et awer net méi ëmmer gradesou selbstverständlech. Mä ech denken éischter, datt dat och nei Weeër sinn, wou mer mussen kucken, wat de Leit hëllef, wéi mer hinne kënnen entgéintkommen, wéi datt mer elo onbedéngt nach virufuere mat deem klaschesche Centre intégré, vun deem ech mengen, datt e souwisou amgaang ass de Wee ze goe vun enger Maison de soin, well déi Leit, déi doranner sinn, awer mat der Zäit éischter Fleegefäll ginn, wéi datt dat der dann awer nach lauter wäeren, déi gudder Dëng sinn.

Zu där Motioun, vun där den Här Adam geschwat huet. Do probéiere mer selbstverständlech esou vill wéi méiglech Partner ëmmer mat anzebannen. Dat ass och net ëmmer esou einfach. Mä, wéi gesot, et war ëmmer e grouse Widderwëlle vun de Leit, fir esou eng gemeinsam Lëscht ze hunn, wou se alleguerte géifen drop stoen, well net jiddferen wëllt, datt jiddferen weess, datt hien do op esou enger Lëscht ass. Dat féiert natierlech dozou, datt awer eng ganz Partie vun duebelen Inskriptiounen do sinn. Mä, wéi gesot, fir mech huet d'Realitéit bis haut gewisen, datt mer am Fong nach net esou bäi sinn, datt mer op eemol misste fäerten, datt déi Zëmmeren net méi géife besat ginn.

Ech wollt just eng Kéier kuerz eppes soen, well ech elo grad keng Zäit méi dofir hat. Den Här Bettel hat de Mëtteg geschwat iwwert d'Exklusioun vun deenen eelere Leit aus deenen neien Technologien. Dozou wëll ech soen, datt mer net nëmmen un deenen Haiser do schaffen, mä op enger ganzer

Partie vu Weeër sinn, fir wierklech och déi eeler Leit mat hei an eiser Gesellschaft dranzehalen, datt zum Beispill Cyber-Café bestinn, Jugendorganisatiounen a Jugendklibb, déi eelere Leit hëllef an hinnen déi nei Technologië bäibréngen - an den RBS dat och mécht.

Also, ech denken och, datt et wichteg ass, datt déi eeler Leit - dat fänkt bei eisem Alter jo ewell un - och wëssen, wéi een domadder eens gëtt, fir viru mat de Kanner, mat der ganzer Famill, déi iwwert d'Welt dorëmmer verdeelt sinn, och nach a Kontakt kënnen ze bleiwen a selbstverständlech och déi aner Saachen ze maachen.

Ech géif wëllen ofschléissen a selbstverständlech och der Madame Frank villmools Merci soe fir hiren exakte schrëftlechen a mëndleche Rapport. D'Fondation Pescatore huet esou wäit gebaut, mä dat huet, mengen ech, och net direkt ee getraff, dee keng Sue gehat hätt, fir dat kënnen ze maachen. Duerfir si mer frou, datt mer dat elo haut stëmmen, an datt si an der Zwëschenzäit och ewell gebaut hunn.

Merci villmools.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Madame Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert dëse wichtige Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5614 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

d'Chamber live  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**  
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live



*Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Laurent Mosar), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Ali Kaes), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro (par M. Roland Schreiner), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diede-rich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Ly-dia Mutsch (par M. Fernand Diederich), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et also esou décidéiert.

Als nächste Punkt op eiser Dagesuerdnung hu mer d'Naturalisatiounen stoen, déi ënnert dem Huis clos virgeholl ginn.



**4. Demandes en naturalisation**

De Huis clos ass domat ausgesprach.

**(Le huis clos est prononcé à 18.47 heures)**

\* \* \*

**(Le huis clos est levé à 18.58 heures)**

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 121 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Esou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat acht Ännerunge vun Nimm a Virnimm averstanen erkläert.

**Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 1<sup>er</sup> février 2007**

1. ABDEMOULAH Abdellatif, né le 22 août 1952 à Sakiet Eddaier (Tunisie), demeurant à Esch-sur-Alzette
- 2.ADROVIĆ Edin, né le 6 novembre 1980 à Sarajevo (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Luxembourg
3. BAYEGI Mohammed, né le 21 mars 1955 à Chahroud (Iran), demeurant à Bettembourg
4. BECIĆ Amir, né le 14 mai 1983 à Zavidovici (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Wiltz
5. BORGES FONSECA LIMA Ricélio, né le 8 juillet 1984 à Nossa Senhora da Luz/São Vicente (Cap-Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette
6. BSARANI Joseph, né le 6 mars 1968 au Caire (Égypte), demeurant à Rolling
7. BURKIĆ Sedika, née le 1<sup>er</sup> janvier 1971 à Donja Lovnica (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Oberanven
8. CHAVES FERNANDES MARQUES Bruno Antonio, né le 2 septembre 1982 à Santa Maria de Viseu/Viseu (Portugal), demeurant à Troisvierges

9. CHRISTOPH Mike, né le 15 mars 1976 à Hachenburg (Allemagne), demeurant à Pé-tange
10. COX Maurice Louis Marie, né le 30 mai 1936 à Kuringen (Belgique), demeurant à Huldange
11. BROSCHE Sofia Maria Katharina, née le 1<sup>er</sup> juin 1924 à Garzweiler (Allemagne), demeurant à Huldange
12. DAI Keying, née le 20 décembre 1985 à Jiangsu (Chine), demeurant à Luxembourg
13. DAUDBASIĆ Rizah, né le 8 janvier 1977 à Tuzla (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Luxembourg
14. DE ALMEIDA PEREIRA Luis Filipe, né le 22 octobre 1986 à Tamengos/Anadia (Portugal), demeurant à Remich
15. DELALLE Arnaud Raymond Georges, né le 27 août 1981 à Thionville (France), demeurant à Bascharage
16. DEMAJ Milihate, née le 5 octobre 1973 à Llozhan (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Lamadelaine
17. DEVOLDER Peter Jan Gustaaf, né le 28 janvier 1966 à Veurne (Belgique), demeurant à Friedbusch
18. D'HERBAIS DE THUN Natasja, née le 6 septembre 1983 à Jette (Belgique), demeurant à Differdange
19. DJULOVIĆ Vahdeta, née le 10 février 1970 à Sahmani (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Mersch
20. DUVAL PIMENTEL Ramona Altagracia, née le 3 novembre 1965 à San Juan de la Maguana (République dominicaine), demeurant à Bertrange
21. DYACHUK Olena, née le 8 avril 1969 à Kiev (Ukraine), demeurant à Senningerberg
22. EVORA SPENCER Raquel, née le 6 janvier 1968 à Nossa Senhora da Luz/São Vicente (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg
23. FARIA CASTELO PEDRO Luis Carlos, né le 15 octobre 1962 à Caldas da Rainha (Portugal), demeurant à Kehlen
24. FEDOROV Andrei, né le 1<sup>er</sup> août 1983 à Moscou (Russie), demeurant à Strassen
25. FERREIRA MARTINS Gloria da Conceição, née le 19 avril 1980 à Castelões de Cepeda/Paredes (Portugal), demeurant à Troisvierges
26. FIGUEIREDO SERRANO José Antonio, né le 21 mars 1969 à São Julião da Figueira da Foz (Portugal), demeurant à Dudelange
- La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de SERRANO José Antonio.
27. FORTES Palmira Idalina, née le 2 mars 1971 à São Pedro Apostolo/Ribeira Grande (Cap-Vert), demeurant à Bettembourg
28. FRANK Wolfgang Friedhelm, né le 24 octobre 1963 à Trier (Allemagne), demeurant à Beringen
29. FRAUSING Jens, né le 18 mars 1943 à Barrit Sogn (Danemark), demeurant à Mondernange
30. FRÉCHIN Emmanuel, né le 11 juin 1967 à Épinal (France), demeurant à Luxembourg
31. FREITAS MARQUES PEREIRA Olivia, née le 2 janvier 1982 à Quinta Grande/Camara de Lobos (Portugal), demeurant à Esch-sur-Alzette
- La personne préqualifiée est autorisée à porter les noms et prénom de FREITAS MARQUES Olivia.
32. FRIEZA MOREIRA GODINHO David José, né le 12 novembre 1962 à Foros de Salvaterra/Salaterra de Magos (Portugal), demeurant à Luxembourg
33. FURTADO Magda do Nascimento, née le 3 novembre 1973 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg
34. FURTADO Maria Elisabete, née le 26 octobre 1971 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg
35. GASHONGA Lionel, né le 25 juin 1971 à Nyarugenge/Kigali (Rwanda), demeurant à Diekirch
- La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de GAASCH Lionel.
36. GATLEY Duncan, né le 19 juin 1955 à Runcorn (Grande-Bretagne), demeurant à Dudelange
37. GOMES RODRIGUES Ana Maria, née le 1<sup>er</sup> septembre 1957 à São Julião da Figueira da Foz/Figueira da Foz (Portugal), demeurant à Luxembourg
38. GORGINPOUR Mohammad, né le 20 septembre 1978 à Chiraz (Iran), demeurant à Mondorf-les-Bains
- La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de GORGIN Armin.
39. GORGIZADEH Ezzat, née le 12 octobre 1948 à Guénavéh (Iran), demeurant à Mondorf-les-Bains
40. GREBO Goran, né le 14 avril 1954 à Zemun (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Luxembourg
41. GUMNISHTA Driton, né le 29 juin 1968 à Vushtrri (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Bettembourg
42. HAJAJI Rachid, né le 12 décembre 1968 à M'Dhilla (Tunisie), demeurant à Luxembourg
43. HAJDARPASIĆ Mersiha, née le 31 mars 1963 à Nikšić (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Dudelange
44. HALILOVIĆ Bahrudin, né le 4 septembre 1978 à Sarajevo (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Sanem
45. IARMOCHEVITCH Elena, née le 5 décembre 1969 à Novopokrovka (Russie), demeurant à Berchem
46. KAHVEDZIĆ Jasmin, né le 30 novembre 1972 à Sarajevo (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Schwebsingen
47. LUKSIĆ Enida, née le 15 novembre 1973 à Sarajevo (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Schwebsingen
48. KIHM Gabrielle Annette, née le 28 janvier 1927 à Munster (France), demeurant à Luxembourg
49. KINER Valérie Léa Ghislaine, née le 30 novembre 1968 à Luxembourg, demeurant à Pintsch
50. KRAFFT Reinhard Helmut, né le 21 juillet 1964 à Athènes (Grèce), demeurant à Strassen
51. BLOCH Miriam Beatrice, née le 8 avril 1962 à Mannheim (Allemagne), demeurant à Strassen
52. LARA Giuseppe, né le 6 janvier 1984 à Lanusei (Italie), demeurant à Esch-sur-Alzette
53. LOPES DA CRUZ Sara Sophie, née le 27 janvier 1983 à La Teste-de-Buch (France), demeurant à Pétange
- La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de LOPES Sara Sophie.
54. LOPES DE SOUSA Jacinto Carlos, né le 30 décembre 1967 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette
55. LOVADINA Adriano, né le 2 septembre 1971 à Binche (Belgique), demeurant à Esch-sur-Alzette
56. LUKIĆ Goran, né le 30 juin 1963 à Smederevo (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Clemency
57. LUKIĆ Milica, née le 23 août 1984 à Smederevo (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Clemency
58. MACEDO GONÇALVES Julia Marlene, née le 29 mai 1983 à Anais/Ponte de Lima (Portugal), demeurant à Dudelange
59. MAHMUTOVIĆ Asim, né le 27 décembre 1956 à Potklece (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Bertrange
60. MAIA LOPES SANTOS Fernando, né le 31 juillet 1965 à Perafita (Portugal), demeurant à Differdange
- La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de SANTOS Fernando.
61. MAIA LOPES SANTOS Paula Maria, née le 25 octobre 1968 à Vilar/Vila do Conde (Portugal), demeurant à Kayl
- La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de SANTOS Paula Maria.
62. MEHRAFZA Shayan, né le 31 août 1985 à Karlsruhe (Allemagne), demeurant à Schifflange
63. METZ Kim, née le 24 novembre 1982 à Amsterdam (Pays-Bas), demeurant à Koetschette
64. MOTIANI Sheela Naraindas, née le 8 mars 1958 à Gandhi Nagar/Nasik (Inde), demeurant à Fentange
65. MURANA Laurent, né le 7 juillet 1986 à Shkoder (Albanie), demeurant à Echternach
66. MURANA Stiljana, née le 8 mai 1985 à Shkoder (Albanie), demeurant à Hosingen
67. MURERA UWANYIRIGIRA Diane, née le 29 octobre 1986 à Mwiyanike (Rwanda), demeurant à Rodange
68. MUSLIĆ Enis, né le 8 juin 1977 à Berane (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Tétange
69. NAKASOLYA Hajara, née le 23 août 1972 à Mulago (Ouganda), demeurant à Esch-sur-Alzette
70. NIBAKURE Généreuse, née le 16 février 1958 à Rutonde (Rwanda), demeurant à Luxembourg
71. NIKOLOVA Maya, née le 1<sup>er</sup> mai 1961 à Stara Zagora (Bulgarie), demeurant à Esch-sur-Alzette
72. NYINDU Miandabu, née le 23 novembre 1975 à Kinshasa (République démocratique du Congo), demeurant à Bettel
73. OHRBERG Lars, né le 29 octobre 1973 à Sonderborg (Danemark), demeurant à Luxembourg